



Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13/10/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Interieur weiderzeleeden.

D'Regierung huet am Koalitiounsaccord folgende Punkt fir d'Fërderung vun de Gemeengefusioune festgehalen:

Le processus des fusions volontaires des communes continuera à être activement soutenu. Aucun projet de fusion de communes ne sera mis en place sans le consentement des citoyens concernés exprimé par voie de référendum. Le système de soutien financier du processus de fusion par l'Etat sera adapté vers le haut.

Ënnert deene Gemengen, déi zënter Jore fusionéiert hunn, fannen sech Joer fir Joer ëmmer erëm därer, déi dat Joer ee ronne Gebuertsdag feieren. Eigentlech eng gutt Geleeënheet, fir den Zesummenhalt tëscht de fusionéierten Uertschafte weider ze stäerken. Ech kéint mir virstellen, datt den Inneministère esou Jubiläen, wéi se zum Beispill de Gemenge Parc Housen a Käerjeng elo bevirstinn, finanziell géif ënnerstëtzen. Méi Convivialitéit an ee verstärkten Echange tëscht de Biergerinnen a Bierger kënnen ënner Ëmstänn dofir suergen, datt d'Akzeptanz fir eng Fusioun an der Bevëlkerung wiisst. Dat souwuel am Virfeld vun enger Fusioun, wéi och dono.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Stellt den Inneministère de Fusiounsgemengen, déi ee Jubiläum feieren, ee Subsid fir dësen Ulooss zu Verfügung?
Falls jo, kënnen d'Gemengen dofir eng Ufro beim Inneministère maachen a wéi vill Sue ginn hefir bereetgestallt?
Falls nee, wier d'Ministesch oppen, fir an Zukunft ee kleng Budget dofir bereetzustellen?
2. Ass d'Ministesch der Meenung, dass esou convivial Evenementer am Virfeld vun enger Fusioun d'Motivatioun, fir ze fusionéiere, kéinten erhéijen?
3. Ass d'Ministesch der Meenung, dass esou convivial Evenementer den Zesummenhalt



www.piraten.lu

an d'Adhesioun un déi nei Gemengenidentitéit vu fusionéierte Gemengen kéinten erhéijen?

4. Um Beispill vun der Nordstad: Wéi gedenkt d'Ministesch den Zesummenhalt an dëse Gemengen ze stäerken, déi jo an de Preparatioune fir eng Fusioun stiechen?
5. Gedenkt d'Ministesch Evenementer finanziell ze ënnerstëtzen, déi am Virfeld vu geplangte Fusiounen zum Zweck vum Zesummenhalt organiséiert ginn (z.B. Concerten, Familljefester)?

Mat déiwem Respekt,



GOERGEN Marc

Député

